



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madamm Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n°7274 vum 1. Dezember 2022 vun den honorabelen Deputéierte Roy Reding a Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

D'Regierung verweist op hir Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7117 an op d'Explikatiounen, déi de Premierminister, den Ausseminister an d'Justizministesch den 11. November 2022 heizou an der Justiz- an Institutiouskommissioun vun der Chamber ginn hunn.

**Ad 2)**

No Informatiounen vum Parquet général huet de Parquet géint dat Uerteel aus éischer Instanz an der Affaire ëm déi dräi fréier Mataarbechter vum SREL Appel ageluecht. Wann et a sou engem Fall néideg wier, dass Lëtzebuerg eng Demande un en aneren EU Memberstaat riicht fir dass eng ugeklote Persoun zäitweileng op Lëtzebuerg transferéiert gëtt fir de Prozess, da geschitt dat op Basis vum sougenannte "mandat d'arrêt européen", deen zu Lëtzebuerg mat engem Gesetz vum 17. März 2004 ("*loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre Etats membres de l'Union européenne*") ëngesat ginn ass, an dat ass eng Prozedur déi zwëschent den zoustännege Justizautoritéiten ofleeft, an an där d'Regierung net intervenéiert.

**Ad 3) a 4)**

Et ass ze bemierken, dass d'Cellule de Renseignement Financier (CRF) net dem Justizminister ënnersteet mee dem Procureur général, sou wéi dat aus dem Artikel 74-1 vum Gesetz vum 7. März 1980 iwwer d'Organisatioun vun der Justiz ("*loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire*") ervir geet. Opgrond vum Artikel 74-4 vum deem Gesetz an de Prinzippe vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwer den Dateschutz am Beräich vum Strofrecht an der nationaler Sécherheet (« *loi du 1<sup>er</sup> août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale* ») kënne keng Informatiounen iwwer eng eventuell Enquête vun der CRF oder dem Resultat vu sou enger Enquête diffuséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL